



ugerechent kréien, ass vläicht eng vun de Pisten. Et war bis elo, datt et éischter an de Beräich vun der Gestoun gaang ass, déi Formatioun, déi do gemaach ginn ass. Et kann een och éischter an e wëssenschaftlechen, technesche Beräich eragoen, fir do vläicht nach eng Kéier méi Jonker unzezéien, déi aner Interessensgebidder hunn.

Mä ech géif opgrond vun där doter Experienz op jidde Fall elo net onbedéngt spieren, datt ganz vill aner Demanden och do wäire fir d'Preparatioun op aner Héichschoulen, spezifesch Héichschoulen, wou wierklech en Examen d'admission noutwendeg ass, deen een normalerweis als Primaner net einfach mat lénks mécht, mä wou ee sech nach eng Kéier intensiv muss droppéieren. Do hu mer net gemierkt, datt dat wierklech Demande war.

Themen, wéi de Latinum zum Beispill, wësse mer awer och, datt déi och op villen Universitëiten ugebuede ginn. Wann een dat brauch, da kann een och do op d'Universitëit goen, dat beleen. A wann ech dat dann hunn, kommen ech an e Studiegang eran. Do hu mer och net onbedéngt bis ewell gesinn, datt et eis Obligatioun, datt et eis Noutwendegkeet war, fir dat de Studenten hei am Land unzebidden, well et aner Akteure gëtt, déi dat dote maachen a wou se dat fannen.

Villmools Merci, Här President.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, wann ech nach eng Kéier däerf nofroen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir hutt Är Zäit opgebraucht. Dir waart scho bei fénnef an eng hallef Minutten. Also ass d'Zäit fir d'Zousazfro déi nächste Kéier.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et ass an der Rei.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci gesot. A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. De Rapporteur, den Här Lex Delles, ass scho prett. Et geet em d'Emännerung vum Gesetz iwwert den Accès zu schouleschen a beruffleche Qualifikatiounen vu Schüler mat spezifesch Besoinen. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 7155 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Lex Delles** (DP), *rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kollegen, dëst ass ee kleng Projekt de loi, deen awer vun enger enormer Wichtigkeet fir déi betraffe Schüler ass. Et geet em déi sougenannten Aménagements raisonnables, déi et de Schüler mat enger Beanträchtegung sollen erlaben, den normale Cours ze suivéieren a Prüfungen och matzemaachen.

Bis elo konnt de Conseil de classe näamlech nëmmen iwwer eng Dispens vun enger Partie vun Epreuve fir e Semester oder en Trimester decidéieren, mä eben net iwwer ee Remplacement vun Epreuves, déi de Spezifisitéit vun der Beanträchtegung Rechnung droen.

Och waren d'Ofschlossaarbechten, d'Examen am Secondaire, d'Apprentissagesexamen an d'Projet-intégréieren net vun deenen Aménagements raisonnables betraff.

Zudeem huet d'Gesetz iwwert den Accès zu de schouleschen a professionnelle Qualifikatiounen keng Aménagements raisonnables virgesi fir d'Schüler, déi weinst hirer Beanträchtegung verschidden Dealer, eenzel Komponente vun de Prüfungen net konnte léisen.

Am Exposé des motifs gouf d'Beispill vu Schüler ginn, déi weinst enger Déficience visuelle an engem Sproochentest zum Beispill keng Fotoe kënnen interpretéieren oder e Grafique an engem Mathetest.

Här President, mat dësem Projet de loi gëtt dat elo geännert. Den Artikel 5 vum Gesetz, deen déi verschidden Amenagementen virgesäit, gëtt modifizéiert. An Zukunft kann d'Commission des aménagements raisonnables dann eben och de Remplacement vun enger Partie Froe virgesinn, déi der individueller Beanträchtegung vu Schüler Rechnung droen. Dës kënnen dann och d'Ofschlossexamen am Secondaire, d'Épreuves de fin d'apprentissage an de Projet intégré betreffen.

Här President, et ass einfach eng Fro vu Gerechtegkeet. Fir de Rescht vun dësem klengen, mä wichtige Projet de loi verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport a soen lech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen natierlech den Accord vun der DP-Fraktioun fir dee virleiende Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. D'Wuert huet d'Madamm Martine Hansen.

**Discussion générale**

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Och ee grouse Merci un de Rapporteur, den Här Lex Delles. Als CSV ënnerstëtze mer all d'Efforten, fir datt Schüler mat spezifesch Besoinen kënnen een Diplom kréien. An duerfir ginn ech och den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. Merci un den Här Delles fir säi Rapport, mëndlech a schrëftlech. Och vun eiser Säit aus géife mer den Accord zu dësem Projet ginn. Alles, wat a Richtung Inklusioun geet, alles, wat a Richtung vun enger gudder Participatioun vun deene Kanner geet, déi à besoins spécifiques sinn a wat et deenen och erméiglecht, en Diplom ze kréien, wëlle mir heimadder ënnerstëtzen.

An domadder ginn ech dann och den Accord vun der LSAP.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An d'Wuert huet dann den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Här President. Den Här Delles huet et gesot: Et ass ee kleng Projekt de loi, deen awer ganz wichtig ass fir déi betraffe Leit. Ech bréngen och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet. Ech hunn awer och nach eng Kéier déi Debatt, déi mer 2011 haten, wéi mer dat Gesetz an der Originalversioun gestëmmt hunn, gelies. An duerfir wollt ech mer dann och d'Fräiheet huelen, nach zwee Gedanken an zwou Froen an de Raum ze stellen.

Déi éischt: Mir hunn et hei mat engem Gesetz fir Enfants à besoins particuliers ze dinne. Mir wëssen awer och, datt mer nach en anere Begrëff hunn: Enfants à besoins spécifiques. Ech hunn 2011 gesot, et wier net ganz glécklech, datt mer déi zwee Begrëffer hätten, déi och an eisen Ae ganz schwéier trennbar sinn. Mir hunn do eng Reform vun der Éducation différenciée, déi viraussetzt... Ech hat dat 2011 gefrot a gemengt, et wier keng Bereetschaft, an déi Richtung ze goen, déi zwee Begrëffer zesummenzehuelen. Ech mengen awer, elo wiere mer um Punkt, an déi Richtung ze goen. An ech wollt de Minister froen, ob en dat kéint bestätegen.

A mir haten och ëmmer eng Debatt iwwert d'Zertifikatioun. Mir soen, mir sinn eis allegueren eens: Jiddwereen, deen duerch eng Hëllef kann eng Schoul bestoe respektiv en Examen maachen, déi en ouni déi Hëllef net kéint bestoen, dat ass eng ganz gutt Saach.

Mir mengen awer, datt och deemjéinegen net gehollef ass, wann net iergendwou eng Trace vun där Hëllef optaucht, sief dat an enger Zensur, an engem Examen. Wann ech d'Gesetz richteg an Erënnerung hunn, da soll dat an enger Ajoute sinn, awer net um Certificat selwer. Do ass meng Fro: Ass um Certificat awer e Vermierk, datt et esou eng Hëllef ginn ass, oder net?

An dann - dat gëtt dann awer dräi Froen -, ech hat deemools schonn d'Fro gestallt: Wéi gi mer an de Privatschoulen domadder em? Duerfir och elo hei: Wéi sinn d'Erfahrungen? Déi heite Mesuren, dat si jo eigentlech Hëlfehen, déi misste jo duerch d'Bank an den éffentlechen Schoulen an an de Privatschoule gëllen. Ech weess, datt et zum Beispill deemools, wéi et nach e SREA ginn ass, ëmmer schwierig war, fir déi Hëlfehen an enger Privatschoul ze kréien. Hei schéngt et jo eng aner Saach ze sinn. Mä vläicht weess de Minister, ob et och Erfahrungen an de Privatschoule gëtt, ob dat genauso gutt an onkomplizéiert ugewannt gëtt wéi bei eis.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an ech wier frou, wann ech e puer Äntwerte kréich. An ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Delles. Mir schléissen eis deem un, wat d'Virriedner gesot hunn. A mir

ginn och selbstverständlech gär den Accord vun der ADR.

Villmools Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet den Educationminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, Merci, Här President. E grouse Merci och un de Lex Delles als Rapporteur an och fir déi breet Zoustëmmung.

De Claude Adam huet nach eng Rei vu Froen opgeworf. Ech hat an der Commissioun jo scho gesot, datt een effektiv nach eng Kéier misst eng Diskussioun driwwer féieren, well ech selwer net ganz eens mat mir selwer sinn, ob de Fait, datt ee vun engem Aménagement raisonnable Gebrauch gemaach huet oder net, herno soll vermierkt sinn op engem Diplom, op engem Certificat, oder net.

Mir wëssen, datt dat heite jo eng punktuell Mesure ass, datt mer souwisou nach eng Kéier un d'Gesetz vun der Commission des aménagements raisonnables wäerte goen. An an deem Kontext soll een déi Diskussioun do nach eng Kéier féieren. Ech denken, et soll een awer och vläicht Leit nach eng Kéier héieren do derzou, well et gëtt och ënnerschiddlech Point-de-vue an Land do derzou. An et gëtt gutt Argumenter, fir dat eent a fir dat anert ze maachen. Duerfir solle mer net iwwerstierzt handelen, mä mer sollen et awer analyséieren an diskutéieren.

D'Definitioun vun „Enfants à besoins spécifiques“ an „Enfants à besoins particuliers“: Jo, ech deelen eigentlech Är Approche, datt mer net ganz glécklech dru si mat där ganz präziser Definitioun, well herno och d'Impressioun kann opkommen, dat eent Kand hätt eng aner oder méi Hëllef zegutt wéi dat anert. A fir dat ze evitéieren, wäert ech mech och engem Amendement um Gesetzesprojet, deen elo an der Chamber ass iwwert d'Centres de compétences, net an de Wee stellen, fir dat doten zesummenféieren an einfach just Enfants à besoins herno ze definéieren an déi doten Ënnerdeeling an zwou Kategorien eigentlech erëm ofzeschaffen.

Wat den Accès vu Schüler aus Privatschoulen zur Commission des aménagements raisonnables oder iwwerhaupt zu engem Aménagement raisonnable betrëfft, do ass et menger Erkenntnis no net, datt dat gréisser Problemer géif maachen. Déi hunn déiselwecht Rechter do an, souwäit ech op jidde Fall weess, souwäit ech och vu Fäll héieren hunn, dat gëtt och do applizéiert, soudatt ech net Kenntnis hunn, datt dat besonnesch schwierig war am Fall vun enger Privatschoul.

Merçi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister. A mer kéinten dann zum Vott iwwert de Projet de loi 7155 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7155 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

► **Une voix.**- Dem Här Haagen seng Maschinn geet net.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Haagen mécht dat och ouni Maschinn.

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.**- Dat sot Dir elo, Här President!

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Den Här Haagen stëmmt mat Jo!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, da schléisse mer elo de Vott of. An déi, déi nach feelen, déi melle sech. Mir huele se mat.

57-mol Jo, keng Géigestëmmen, keng Abstenttiounen: Domat ass de Projet de loi 7155 ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7155 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Martine Mergen), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess*

*Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Max Hahn), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merçi. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zum Haaptpunkt vun de Mëtten iwwergoen: d'Consultatiounsdebatt iwwert d'Problematiséierung vum Wunnengsbau. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Dir kennt de Modell. A vu dass et eng Consultatiounsdebatt ass, huet den zoustännegen Minister, de Wunnengsbauminister, den Här Marc Hansen, elo d'Wuert. Dann uschléissend hunn déi verschidde Riedner vun de Fraktiounen d'Wuert. Här Hansen!

### 4. Débat de consultation sur la problématique du logement

**Exposé**

► **M. Marc Hansen**, *Ministre du Logement*.- Här President, léif Memberen aus der Chamber, haut ass dann déi grouss Logementsdebatt, déi iwwert déi leschte Méint preparéiert gouf an déi, mengen ech, fir eist Land vu grousser Wichtigkeet ass.

Et lount sech dann och, wann een an deene leschte Méint an de Chamberskommissiounen war a wann ee gemierkt huet, dass een emol eng Kéier e bëssen Zäit hat, fir den Dossier, deen immens komplex ass, vun all senge Facetten hier ze beliichten a fir emol heiansdo kënnen iwwer Nuancen ze schwätzen, déi ee vläicht net méi ëmmer an eise schnelligewegen Diskussiounen ënnerdaach kritt, well d'Wunnengsproblematiséierung, déi kritt een net erkläert an 30 Sekonnen. Et kritt ee se och net an 30 Sekonne geléist an et kritt ee se och net mat engem Tweet erkläert oder geléist.

Ech mengen, d'Bild muss ech lech heibannen net méi molen. Dat kennt Der. Am Moment kritt Lëtzebuerg ronn 13.000 Awunner pro Joer bäi. An nieft der Suerg, fir déi Leit ënnerdaach ze kréien, geet et jo och drëm, fir den historesche Retard opzeschaffen an natierlech parallel ze kucken, fir eben déi nei Awunner ënnerdaach ze kréien.

13.000 Awunner an engem Joer, dat ass ongeféier, wéi wann een eng Gemeng géif bäikréien, déi vun der Gréisst hier esou tëschen Beetebuerg an Hesper géif leien. Här Buergermeeschter, Dir leit bei 11.000, Dir bei 14.000. Dat heescht, do an der Mëtt géife mer eng Gemeng am Joer bäikréien, an där doter Gréisstenuerdnung. An dat ass natierlech relativ substanzuell fir e Land mat 550.000 Awunner.

Dat weist op där enger Säit natierlech och, dass mer attraktiv sinn a bleiwen an dass een d'Diskussioun vum a ronderem de Logement net ka lassgeliest gesi vun den Diskussiounen ronderem de Wuesstum. D'Entwécklung vu Lëtzebuerg an eis Zukunft gehéieren zu deem grouse Kader, an deem Landesplanung, Mobilitéit, Nohaltegkeet, Liewensqualitéit, Aarbechtsplazen an eben de Logement déi grouss Theme sinn. Op all deenen doten Themefelder gëtt vun der Regierung a vun der Chamber geschafft. Et gëtt u ville Schrauwe gedréit. A mir géifen eis haut de Mëtteg, mengen ech, op d'Themefeld vum Logement konzentréieren, well an deenen nächste Woche jo och déi aner Themen hei an der Chamber oder soss am Land diskutéiert an debattéiert ginn.

Am Kader vun dem leschten État de la nation goufe vun e puer Riedner heibannen esou Sujete wéi d'Expropriatioun oder d'Mietpreisbremsen erëm thematiséiert an et koum zu enger gewëssener Dynamik, fir d'Logementsproblematiséierung unzegoen a fir déi och eventuell mat méi radikale Mesuren ze bekämpfen.

Fir deen neien Elan, deen do entstane war, ze kanaliséieren, hat ech der Chamber en Débat de consultation proposéiert. D'Chamber huet deen och akzeptéiert. Ech hat och mat deene verschiddene Riedner doriwwer rieds. An ech mengen, d'Chamber huet dann och hir Aar-